

INVITÉ VUN DER REDAKTIOUN (26. AUGUST) - EMILE EICHER

Potential wier enorm, fir bei der Beliichtung anzespueren

Vu(m) Claude Zeimetz | Update: 26.08.2022 08:54 | [6 Commentaire\(n\)](#)

Dat fënnt de Syvicol-President mat Bléck op d'Aspuer-Potential vun de Gemengen. Hie war e Freideg eisen Invité vun der Redaktioun.

Den Energieminister Claude Turmes, deen och en Donneschdeg an der Reunioun de Point gemaach huet iwwert d'Energiesituatioun, [wëll staatlech Gebaier am Wanter just nach bis maximal 20 Grad Celsius hëtzen](#). Dat wier eng vun de Méiglechkeeten, fir Gas ze spueren, sot hien de Kollege vum Radio 100,7 géintiwier. D'EU-Memberstaaten hu sech jo engagéiert, bis Mäerz d'nächst Joer 15% manner Gas ze verbrauchen. Och d'Gemenge krute via Circulaire verschidde Spuer-Consigné mat op de Wee. Op dës Manéier soll, esou gutt et geet, op d'Beliichtunge verzichten ginn.

D'Heizungssystemer ënner Kontroll kréien an d'Beliichtungsinstallatiounen drosselen, dat sinn effektiv mol déi einfachst Méiglechkeeten, fir Energie als Gemeng ze spueren. Dat sot den Emile Eicher e Freideg de Moien als eisen Invité vun der Redaktioun.

De President vum Syvicol setzt och drop, dass d'Gemengen ënnerteneen hir Erfarungen austauschen, wéi wou am beschte kann agespuert ginn. Bis ewell hu bis op [eng Ost-Gemeng](#) der nach net vill e konkrete Plang virgeluecht, wéi si et wëlle maachen. D'iwwernächst Woch hunn d'Gemengen e Webinar, wou dann eng national Energiespuer-Campagne soll virgestallt ginn. Den öffentleche Raum manner belichten, huet den Emile Eicher direkt e puer Mol ervirgehewen, wat sécher wäert kommen.

Wat iwwerhaupt de maximalen Aspuer-Potential vun de Gemengen ass, dat wier ganz schwierig ze soen, well ee kee kompletten Inventaire hätt. Et wéisst een, wat pro Gebai gebraucht gëtt, awer net genee, firwat de Stroum oder de Gas schlussendlech benotzt gëtt. Et feelt do un engem konkrete Monitoring. Kloer wier awer elo schonn, dass déi ferm Haussen am Wanter bei den Energiepräisser e ferme Coup wäerten duerstellen op d'Gemenge-Budgeten.

Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis freides um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op [RTL Play](#) ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.